# Freux



De Flyfishing Club aus Lëtzebuerg war den 25. Juni 2022 op Freux bei Libramont an der Belsch gefuer fir zesummen mat der Méck ze fëschen. Nodeems mir an de leschten zwee Joer net méi vill Sortien konnten plangen hunn mir net schlecht gestaunt ewéi mir gesinn hunn dass och un dësem Site vill geschafft ginn ass, esou kann een elo ronderëm den ganzen Weier fëschen mee dat ass awer net déi eenzeg Saach déi hei geännert huet an de Site Alles an Allem opgewäert huet. Freux läit an enger ländlecher Géigend ass ass ëmginn vun grousse Bëscher a wann een sech ee bëssen Zäit hëlt kann een och op dëser Plaz nach ganz vill Natur ronderëm entdecken, mee dozou spéider méi.










Et waren also eng gutt Dozent Fëscher a Begleedung ugetrueden fir ee flotten Dag zu Freux beim Fëschen ze verbréngen, haten mir schonn am Virfeld vill Ausfäll Krankheets bedéngt esou sollt och nach den Gérard, kuerz Zäit nodeems mir ugefaangen haten mat fëschen, opginn ewell Hien sech net gutt gespiert huet. Nu jee et ass eben de Moment net esou einfach fir Sortien ze organiséieren mee mir sinn awer schonn mol zefridden dass mir iwwerhaapt erëm kënnen eist Veräinsliewen weider féieren a mat der Zäit wäert jo hoffentlech och dës Episode hannert eis leien. Déi Fëscher déi dobäi waren sollten Dëst awer net bereien, konnten mir dach ee flotten Dag mat schéinen Fësch a gudder Komerodschaft verbréngen ........ woubäi, Dir konnt et bestëmmt schonn net erwaarden, mir beim Grillen wären. Nodeems eisen Kapitän ...... ee Pardon eise President de Jeek och nach ausgefall war hunn sech déi zwee Jempen dem Grillen ugeholl mat Ënnerstëtzung vum Fränz an deen kennt jo eppes dovunner wat een Him schonn ofgesäit. Wat soll ech laang ronderëm schreiwen et huet eis un Näischt gefeelt an et ass och Keen do gewiescht deen sech genéiert hätt nach eng zweeten oder drëtten Kéier

bei de Grill unzetrieden an natierlech hat Marie – Paule erëm fir den Dessert gesuergt esou dass mir et Mëttes, ewéi ëmmer, et vill méi lues ugoen gelooss hunn.


















Och mam Wieder haten mir et deen Dag gutt erwëscht, waren et ee puer Deeg éiert mir gefuer sinn nach Temperaturen iwwert drësseg Grad esou war et bei eiser Sortie bei wäitem net méi esou waarm an ee strammen Wand huet och geblosen esou dass mir an deier Hisiicht et gutt erwëscht haten. Ewéi mir am gaangen waren eis Staangen opzeriichten wousst de Marc, Hien war ee mol fir eng Kéier deen Éischten beim Waasser nach virum Änder, eis ze beriichten dass Hien schonn gutt mat der dreschener Méck gefaangen hätt a wat soll ech soen ........ mir hunn dunn natierlech Alleguerten dreschen gefëscht. Ech fir mäin Deel hunn mäin Gléck mat enger Réihoer Sedge gesicht an konnt domat och ee puer schéin Forellen fänken. Och déi aner Fëscher hunn mir net onzefridden geschéngt an Fëscher vun eis ewéi den Sedat an den Änder waren schonn richteg midd ewéi Sie an der Mëttesstonn bei de Grill komm sinn mee och Sie hunn, nodeems se sech gestäerkt haten, erëm Mëttes grad esou motivéiert lass geluecht ewéi Sie et Moies ugoen gelooss haten. De Sedat war dann och mam Belly – Boat eraus gefuer, Freux ass eng vun de wéinegen Plazen wou een dovunner gebrauch maachen kann an duerfir ass och ëmmer deen een oder aneren vun eisen Fëscher deen dann och vun der Geleeënheet profitéiert. Ech hat mir dann och Mëttes ee bëssen Zäit geholl an war mir d´Géigend ukucken a konnt dobäi ertaunend feststellen dass et zu Freux méi gëtt ewéi den Séi wou mir ëmmer fëschen. No all deenen Joren ewou mir elo schonn dohinner fueren hat ech nach Nie méi gesinn ewéi d´Waasser u sech, wat jo och als Fëscher méi ewéi normal ass an awer et ass och der Wäert ee mol ernimmt ze ginn dass et zu Freux och richteg vill Natur ronderëm gëtt an duerfir hunn ech dat och mat ee puer Fotoen festgehalen.

















Mir haten, ewéi dat ëmmer bei eisen Sortien de Fall ass, ee flotten Dag an beschter Komerodschaft, loos mer just elo hoffen dass et och kann an deem Sënn esou weidergoen.